

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Februar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Ab dem 1. Mäerz ginn nei Autoe just nach dann zougelooss, wenn d'Emissiounen an de Verbrauch nom sougenannte WLTP-Verfueren (Worldwide harmonized Light vehicles Test Procedure) gemooss ginn. Dëst wäert zur Konsequenz hunn, datt d'Schuedstoff-Berechnung ëm bis zu 25 Prozent méi héich ausfale kann. Den Automobilclub geet dovun aus, datt dëst mat Méikäschte vu bis zu 200 Euro pro Joer fir de Besëtzer vun engem Auto verbonne wäert sinn. Dëst ass eng substantiell Zomm, besonnesch wann ee bedenkt, datt och nach d'CO<sub>2</sub>-Steier op den Automobilist wäert duerkommen. Parallel dozou ass gewosst – wéi dat och déi rezent Chamberdebatt gewisen huet – datt Lëtzebuerg e massiven Aarmutsproblem huet an ëmmer méi Leit Schwiereregkeeten hunn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Besonnesch Leit mat engem schwaachen Akommes, déi awer op den Auto ugewise sinn, treffen esou Deierechte schwéier.

An deem Kontext géif ech deenen Häre Ministere gären dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung sech bewosst, datt d'Ëmstellung op dat neit Moossverfueren mat enger substantieller Deierecht fir den Automobilist verbonnen ass?
2. Ass d'Regierung net der Meenung, datt d'Tabell fir d'Berechnung vun de Käschten am Hiblëck op den CO<sub>2</sub>-Ausstouss esou ëmgeännert, respektiv, reforméiert misst ginn, datt duerch de neie Berechnungsmodell keng Méi-Käschte fir den Automobilist entstinn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten